

LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



H 1 VNEF

No 3/1996

Mai/Juin

36e année

**Monument
aux Morts
Strassen**

A NOS MARTYRS 1940 - 1945.

NEY NICOLAS - HOUDREMONT JEAN - PIERRE - MAJERUS THEODORE - JUNG JEAN - MAJERUS NICOLAS -
KREMER ERNEST - EWEN THEODORE - HOFFMANN MARCEL - MAJERUS JEAN - PIERRE - JUNIO JEAN - PIERRE -
KUTTER JULES - NEY JEAN - NICOLAS CHARLES - FEDERMEYER LEON - REITER HENRI - GUILLON ALPHON
MEYERS NICOLAS *DISPARUS*: BOUR ARTHUR - GALLION ROBERT - GROFF ROBERT - HAMMEREL JOSEPH
JENTGEN BONAVENTURE - JUNG ANTOINE - URBING JOSEPH

Fédération: FNEF
3A, rue de la Déportation
Luxembourg



De 29. Mee 1996 as de **Mémorial de la Déportation op der Gare** vun Hollerech (Zwangskrutierung an Emsdilling) ageweicht gin. Weinst dem übleche Marktum u Platz am Bülletin, hei jhust ee Bild vun der Inauguration mat dem Versprechen, dass de Rapport dorliewer an der nächster Nummer publizéiert gët.

Nationalkongress

De schéine Festsall vun der Gemeng Käerch war um Nomëtteg vum 20. Abrél op en Hoor no ze kleng, fir all déi Leit opzehuelen, déi deen Dag de Wee dohl gemaach haten. Eis Käercher Kommerodinnen a Kommeroden hate keng Méi an Arbecht gescheit, fir de Kongress vun den Enrôlés de Force z'organisieren. 150 Sëtzplazen hate si agricht, ma dat gong nët duer. Mat 170 Leit war de Sall archi comble. Eis Käercher Kommerodinnen a Kommeroden hun e ganz grouse Luew verdengt. Als jonk, kleng, ma dynamesch Sectioun hate si eng phantastesch Leeschtung vollbruecht, déi hinne Mérite verschafft, déi et denwärt sin, hei ervirgestrach a festgehalen ze gin.

Eier de Kongress ugefaangen huet, war eng Gedenkeremonie virum Käercher Monument aux Morts bei der Kiirch. Délégatoune vum Zentralcomité a vum Käercher Sectionscmité hun do Blumme néiergelluecht an den Trompettist Jean Ney huet d'Sonnerie aux Morts gespillt.



De Pierre Strauss,

President vun der Käercher Sectioun huet a senger Missioun als President vum Kongressbüro d'Begréissungsproch gehalten. Hie sot: Am Numm vun de Mëmbere an der Käercher Sectioun heeschen ech iech alleguer häerzlech wëllkomm um Nationalkongress vun der Association des enrôlés de force victimes du nazisme. Mir si nët nëmmen eng kleng Gimmelmehen houfreg als kleng Sectioun iech aus dem ganze Land hei bei äis empfänken ze dürfen. Mir emfannen dat als eng ganz grouse Eier. De leschte Kongress war zu Gréivemaacher a mir haten en do materliw. Mir hate äis do bereet erkläert, iech dëst Joer zu Käerch ze empfänken. A mir ware begeeschtert, dat eis Propositioun spontan ugeholl gi war.

Leif Kommerodinnen a Kommeroden! Mir sin där Jéngster keng méi an eis Reihe gi vu Joer zu Joer ëmmer méi kleng. Eis Generatioun gouf an der Zäit, wéi mer jonk Meedercher a jonk Borschte waren urreg ausgeblutt. An zënter hier sin der eng Onmass fréizätteg verstuerwen als Folleg vun all deem Schrecklechen, wat mir an eiser Jugendzäit hu missen duerchstoen. Haut um Ufank vum Kongress wëlle mer all deenen dausenden aus eise Reihen an enger Minut de silence gedenken an esou hir grouse Affer wierdegen.

Um Kongress vun haut huelen 134 Delegéiert deel. Si representéieren 41 Sectiounen. Do madde wir festgestallt, dat de Kongress beschlossfähneg as an ech deklaréieren heimat, dat de Kongress eröfnet as.



Begréissungsprooch vum Nationalpresident Jos. Weirich

Ech därf dëst Joer roueg ufänken, iech, liew Kommerodinnen a Kommeroden ze begrüessen, ausser der Press si keng Härten heilbannen. Och de Buurmeeschter as en Enrôlé de Force. Déi 134 Delegéiert, déi haut op Käerch komm sin, representéieren 41 vun eise Sectiounen. Iech allerguer e grouse Merci fir ären Interessi. Eng Sectioun huet sech entschëllegt an ofgemellt. Ech begrüesse ganz speziell ons Kommerodinnen a Kommeroden, déi mat fédériert sin. Et sin dat: d'Associatioun vun den Tambower, vertueden durch hire President Gaston Junck an de Sekretär Jules Steffen, d'Vertriederinne vun der Associatioun vun de survivants, Madame Josée Reef a Melanie Flammang, an dann eise gudde Frënd Néckel Kremer als Vertrieder vun deene bëiden Resistenzorganisatiounen "Lëtzeburger Route Léiw" (L.R.L.) an den "Anciens Résistants de Differdange" (A.R.D.). Frënd Néckel: Du hues äis eng grouse Freed gemaach, dass du haut bei äis komm bass an nodréiglech wësche mir dir all Guddes an eng gutt Gesontheit zu dengem 80. Geburtsdag. Entschëllegt huet sech eise Kommerod Jean Gremling, Seng Gesonndheet as nët déi bescht. Hien as an der Klinik. Mir wënschen him e prompt Retablissement vu senger Gesonndheet an hoffen, dass hien dat nächst Joer erëm bei äis ka sin. Dat hei gouf Samschtes normëttes gesot. Den Dag drop as eise Kommerod Gremling verscheed a vir all Zäit vun äis gaangen.

De President Weirich as weidergeluef an huet de Komerod Guy De Muysier entschëllegt. Hie présidiéiert d'Kommissioun fir d'Realisatioun vum Mémorial de la Déportation an dem ale Gebel vun der Hollerecher Gare. Hien as am Ausland a kënnert eréischt muer erëm. Weider huet de President vun den Engesiedeleiten sech ofgemellt. Hien as och krank. Ofschléissend soen ech schon elo de Pressevertreider an de Photographen e grouesse Merci an dat am Viirua fir hir Reportagen an der geschriwwener Press.

Aktivitéitsrapport

E gouf viirgedroe vum Komerod Jim Bolmer.

Mir, déi lwwerliwend vum der "Jeunesse Sacrifiée" hun äis haut hei zesummegefond, fir eise Nationalkongress oder méi einfach ausgedreckt, fir eis ordentlech Generalversammlung ze halen esou wéi et an de Statute vum eiser Organisatioun steet.

Mir därefen zu Gascht sin bei de Komerode vun der Enrólés de Force Sectioun Käerch. Dës Sectioun, gegrënnt am Joer 1989 as eng relativ jonk an d'fir sin "ons Jongen a Meedercher vu Käerch" mat zimlech onverbraucher Energie un d'Organisatioun vum Kongress erugaang. Mir soen hinne vu ganzem Häerze merci.

Dankbar si mer awer och eisem Schicksal an dat, well mer nach do sin an doduerch déi grouesse Chance hun, d'Komerodschaft flegen ze därefen. Nëmme iwwer si oder wéinst dëser Komerodschaft as et äis méiglech d'Undenken un eis gefaaten, gemuerten a verstuerwe Komerodinnen a Komeroden an Erinnerung ze rufen. Eis Devise war a bleiwt: Erënnere, Gedenken a nêt vergiessen.

Dofir och dee massiven Asaaz am leschte Joer, am Joer vun de 50ten Anniversairen vun Evénementer, déi eist Liewen entscheedent gezeechend hun. Niewebäi wéll ech just drun erënnere, dat haut wirun 106 Joer dem Härgott dee fatalisten Irtum seit Mënnschegedenken ëmerlafas, wéi hin den 20. Abrél 1889 zu Braunau am Inn, engem Bouf, deen Adolf Hitler geheesch huet, erlabt huet op d'Welt ze kommen. Dee Monstrum verdegnt et eigentlech nêt, dass mir säi Numm relevéieren, an dach war hien d'Ursach vun eiser Präsenz haut zu Käerch. Déi vun him a vu sengen Akolyten begaange Verbrüchen, déi en immenst Leed iwwer Europa bruecht haten, hun hir néfaste Auswirkungen era bis an eis heiteg Zäit. Déi Wonne, déi vun de Preise geschloe goufen, sin nach ëmmer nêt ausgeheelt. Näischt vun all deem wäert vergiess gin, bis keng lieweg Zele méi do sin.

Mat de journees commémoratives uechter Land gesouch et folgendermoossen aus: den 30.1.: veillée nocturne um Kanounenhiwwel - 50. Annivraire vum Massaker zu Sonnenburg; den 3.4. zu Grousbous; de 7.5. zu Stroossen; den 11.5.: Oktavmass an der Kathedral; de 14.5. zu Uewerkuer; de 5.6.: zu Clief beim Monument vum G.I., organiséiert vun der Fédératioun zesumme mat der Nord-Sectioun, der Geméng Clief an der amerikanescher Ambassade; de 5.6. zu lechternach; de 9.7. zu Gréivenmaacher, de 9.9.: Journées commémorative nationale vun den Enrólés de Force an der Stad; de 24.9. zu Monnerch; den 1.10 Rammerch zu Holz; de 15.10. zu Jonglénster den 18.10.; zu Woltz; den 28.10. zu Eitelbréck an den 26.12.: zu Diddeléng.

Inaugurationsfeieren: zu Bëschduerf gouf bei der Kirch eng Enënnerrungsplak fir de Josy Houtmann, gestéift vu sengen Komeroden ëmmer dem Protektorat vun der Sectioun Useldéng; de 5.2. gouf zu Rippweiler um Gebuertshaus vum Pierre Hommel eng Plack dévoléiert, gestéift vun der Sectioun Useldéng. Den Hommels Pir as ee vun deenen 91 Enrólés de force, déi zu Sonnenburg ermuert goufen; de 7.5. gouf zu Moutfort eng Enënnerrungsplak fir d'Nazi-Affer vun der Geméng Moutfort ageweicht; de 7.5. gouf zu Éire vun den Krichsafer eng Plack zu Beyren ageweicht; den 8.5. gouf op Initiative vun der Diddelénger E.d.F.-Sectioun bei der Kirch eng Enënnerrungsplak ageweicht; de 14.5. op Oktavsondeg gouf an der Kathedral zu Lëtzebuerg eng Enënnerrungsplak ageweicht, déi un d'Tragik vun der Résistenz, den Anciëns Combattants an den Enrólés de Force erënnere soll; den 8.10. war et zu Nidderanven op der Plaz genannt "am Sand" wou e neit Monument aux Morts ageweicht gouf. D'Geméng Nidderanven huet dat Monument oprichte gelooss; den 15.10. war et zu Stroossen d'Awelung op der réaménagierter Plaz bei der Kirch op d'ärch de Monument aux Morts an neien Emplacement huet; an da war am Institut Supérieur de Technologie um Kiirchbiereg d'Awelung vun engem Monument zu Éire vun de Studenten "Morts pour la Patrie" aus dëser Schoul. Responsabel zecheent duerfir e ganz aktive Organisationscomité ëmmer der Présidentschaft vum Claude Pescator, assistéiert vun de Komeroden Léon Raths a Ben Jacob.

Verschieden Enënnerrungszerémonien a Versammlungen: den 18.2. huet d'Association des Survivants des Enrólés de Force hir Generalversammlung ofgehalen. Den 23.3. gouf zu Woltz dem trageschen Dout vum Komerod Henri Roth an engem Mess geduecht. Zu Hamm huet den 2.4. wéi all jöers d'Entente des sociétés vun Hamm op eng Cérémonie zu Éire vun de gefaatenen

amerikaneschen Zaldoten invitéiert gehat. De 26.5. hu mer un eng Enënnerrungsfeier an engem Versammlung vun eise Frënn vun der Résistenzorganisatioun Lëtzebuurger Roudé Léiw (L.R.L.) deelgeholl. De 27.5. ware mer um Mémorial Day um amerikanesche Kiirfecht derbäi an waren op dem Éirewäin, deen an der amerikanescher Ambassade offéiert gouf. Den 28.5. hat d'Brigade Piron un de 50. Annivraire vum Armistice 1945 erënnert. De 9.7. ware mer um Remembrance Day zu Eitelbréck derbäi. Op der Gedenkfeier zum 52. Annivraire vum Streik vu 1942 ware mer den 30.8. op Woltz gaangen. Den 22.10. hu mer un der Generalversammlung vun de Lëtzebuurger Emsidler deelgeholl. Zesumme mat de Mëmbere vun der R.A.F.A. (The Royal Air Force Association) hu mer de 27.10 un d'englesch Piloten geduecht, déi zu Lëtzebuerg begruewe sin. De 7.12. ware mer derbäi, wéi déi lwwerliwend vun deenen 140 Lëtzebuurger Jongen de 50. Annivraire vun hirem Erëmmen aus russescher Geméng faangenschaft begaangen hun. Den 8.12. ware mer un amerikanesche Kiirfecht derbäi, wéi un de 50. Doudesdag vum General Patton geduecht gouf. Et war dat zugläich den Ofschloss vun de 50-Joerfeieren vun der Libération vun eise Ländche. Dës Gedenkfeier war organiséiert a finanziéiert vun der amerikanescher Ambassade, déi eng Réceptioun am neien Théâtre gin hat.

Offiziell Invitatiounen, déi iwer de Service Information et Presse vun der Regierung un eis Organisatioun adresséiert waren: den 21.3. gouf an der Châmbre an engem Extraséizung un de 50. Joersdag vun der "Installation d'une commission consultative" erënnert. De 14.4. as de 50. Annivraire vum Retour aus dem Exil vun eiser Grande-Duchesse CHARLOTTE gefeiert gin. Den 8.5. E ganzen Dag hun d'Enënnerrungsfeieren gedauert fir de 50. Annivraire vum Armistice. Deemols war endlech deen onselege Weikrich eriwuer. Mir waren bei de Feieren derbäi: beim Hinzter Krätz, um Kanounenhiwwel, bei der Gëlle Fra, am Te Deum an der Kathedral a beim Monument vun der Grande-Duchesse CHARLOTTE. Den 12.5. ware mer derbäi, wéi eng Delegation vu russeschen "Anciens Combattants vu Stalingrad" Blumme bei der Gëlle Fra néiergeluecht huet. Den 23.6. ware mer am Te Deum an der Kathedral — et war de Nationalfeierdag. Mir waren dann och derbäi den 8.10. op der Journé commémorative nationale, an zwar um Kanounenhiwwel, an der Kathedral an och zu Hollerech beim Mémorial de la Déportation, wou ëmmer aneren och vun engem Regirungsmëmber an engem Scheffe vun der Stad Lëtzebuerg Blummen néiergeluecht goufen.

Entrevüen an Arbechtsëtzungen

Eng Entrevue mat responsabele Leit vum Comité fédéral hate verschidden engagéiert Leit, wéi Germain Frantz, André Heiderscheid, André Hohengarten, Johnny Schmidt, Josy Kirpach, Aloyse Bissen, fir nëmmen déi ze nennen. Et gong drëm fir d'Organisation vum der Inauguration vum Portail d'Honneur um Kierfecht vu Slonsk souwäit ewéi méiglech ze programméieren an ze koordinéieren. De 7.6. huet eng Delegation vum Fédérationscomité mat dem däitsche Botschafter iwer déi vun äis vertratte Fuerderung vun der Unerkennung als Naziflatter säitens Däitschland diskutéiert. De 5.7. hu mer am Gebel vum Lëtzeburger Wort mat verschide Redakteren a Fotografen verhandelt zwecks Réalisation vum engem Konschtalbum mat Souveniren vu **Slonsks**. Jhust an dësem Etablissement hu mir iwwrigens bei eiser Action Slonsk immens ënner d'Ärem gegräff krit. De 24.8. hate mer eng prise de contact mat Vertrieeder vun der Fondation **Alzheimer**. De 9.11. hu mer de Responsable vun der Fondation Alzheimer e Check vun 62.000 Frang iwwerrecht. Et war dat Resultat vum Affair aus de Mass vun eiser Journée de commémoratoun nationale. Emtänger waren d'Häre Jeannot Krecké, President vun der Fondation Alzheimer an den Här Paul Reuter, chargé de direction. Den 28.11. war am Bäschofspalais eng Réception. Bei där Gélénheet huet den Här Bäschof e fac similé vum der Lëtzeburger Consolatrix affictorum, esou wéi se an der Eirepoart um Slonsker Kierfecht figuréiert, iwwerrecht krit. De 14.12. hate mer eng Entrevue mat dem Sectiounscomité vum der Stad Lëtzebuerg. Et huet sech heibäi ëm Démission vum laangjähere Keessier Ernest Steichen gehandelt. Hie war den 21.11. vu sengem Posten z'rückgetratt, wéi en ebenfalis och am Comité vum der Associatioun EFVN an am Fédérationscomité démissionnaire as. Den 21.12. krute mer Informatiounen a Material iwwer KGB-Archive zu Moskau. Vun der Regierung chargéiert hat de Professor Paul Dostert Recherchen iwwer verméssten Enrôlés de Force zu Moskau ënnerholl. Iwwer dësen Dossier liwwert de Ben Jacob uschiéissend genee Détaier.

Kulturelles

Den 28.5. ware mer an enger Séance académique ënner den Motto "50me anniversaire de la libération des camps de concentration et des camps de déportation", organiséiert vun der Association des Déportés. Den 28.5. huet noméites eng beachtlech Zuel vun Enrôlés de Force mat Familjengehéieren un der

Schlusspréssessioun vun der Oktav deelgeholl. Fënnemol, an zwar den 31.7. - 14.8. - 21.8. - 28.8. an de 4.9. waren d'Mëmbere vun der E.d.F.-Chorale zu Jongléinster fir d'Mass vun eiser Journée ze prouwen. E besonnesche Merci dem Dirigent a Komerod Paul Nilles. Den 10.9. waren d'Komeroden Jos. Weirich, Gaston Junck a Néckel Champagne an enger Emissioun um **DNR** ze héieren, wéi se en historesche Réckbléck gin hun iwwer dat wat mat der Zwangsrekrutierung an Zesummenhank steet. Den 1.10. hate mer dann eis traditionnell Promenade surprise. Si war vun eiser Sectioun Geméng Suessem organiséiert gin. Et war scho fir drëtze Kéier, datt eis Breiesser d'Responsabilitéit gedroen a gemeeschert hun. Iwwer Trophéën brauche mer nët laang ze schwätzen: déi routinéiert Jongléinster Equipen hun ofgeraunt. Wéini a wou eisen Tréppelout dëst Joer organiséiert gët, doriwier diskutéiere mer herno. Den 18.10. hate mer dann eis "séance académique" am Conservatoire vu Lëtzebuerg. Si stong ënner dem Motto: "50me anniversaire de la libération des enrôlés de force du joug nazi". Brillant wor an där Sëtzung de Referat vum Historiker Professor Paul Dostert a Präsenz vum Grand-Duc JEAN an der Grande-Duchesse Josephine Charlotte. Dem Här Paul Dostert sän Exposé hu mer iwwrigens in extenso am Bulletin N° 6/1995 publizéiert. De 5.12. krut d'Press déi färdge-gestaltten 1. Phase vum Mémorial de la Déportation présentéiert.

Aner Activitéiten

Den 12. an de 13.4. haten d'Mëmbere vun der Museumskommissioun sech no Lyon an um Retour no Verdun déplacéiert, fir verschidde Konzeptiounen vu Museen ze studéieren. Den 28.4. war den Départ vun 2 Autobussen mat 92 Leit, déi no Slonsk a Pole gefuer sin, fir un der Inauguratioun vun der Eirepoart um Kierfecht deelzehuelen, do wou 91 Enrôlés de Force zur éiweger Rou geluegt goufen. Si ware 6 Deeg ënnerwee. De 29.4. an den 30.4. sin nach emol 67 Leit mat dem Flieger bis Berlin geflunn a vun do aus mat engem Bus no Slonsk gefuer. De 5.5. ware mer zu Mainz un engem Kolloque bedeelegt, dee vun der C.D.U. organiséiert war an ënner dem Motto "Zeitzeugen gedenken dem 8. Mai" stung. Den 11.9. war eng Delegation vum eiser Organisatioun no Bréissel an d'polnesch Ambassador gefuer. Do krut eise President den Uerden Polen iwwerrecht. Den deemolege President vu Polen hat äis deen Uerden zougesprach. An dann nach emol war ee Mamber vun eiser Fédérationscomité vum der Zwangsrekrutierung vum Komerod Marcel Schiltz mat deem him vum niddersächseschen Ministerpresident Schröder

zouerkanntem "Verdienskreuz am Bande des Niedersächsischen Verdienstordens" ausgeecheet gouf. De 16.9. ware mer dann och zu Hinzert derbäi op der Journée vun der Amicale des anciens de Hinzert. Mer hun eng Gerbe do nër gelluecht.

Wéi der ganz sécher feststelle konnt, huet eisen Zentralcomité e ganz chargéierte Programm ze erledge gehat am vergaange Joer 1995. Awer all déi sëllicheen Aarbechte konnte nëmme realiséiert vun engem uerg zesumme-geschromptene Comité, dee solidaresch ënnerstëtzt gouf vun de Vertrieeder vun der Amicale des anciens de Tambow a vun der Associatioun des de Survivants. Si all hun e Maximum vun Aarbecht geleescht. Et därf een dann nët verglissen, datt déi Tambower an d'Survivants jo och nach hir eegen Organisatiounen leeden a géiere. Fir all déi elo opgezuelten Aarbechten ze bewällegen waren nët manner wéi 619 Präsenzen vun de Comitésmëmbere erfuerdert. Op d'Joer verdeeit wiren deemno d'Comitésmëmbere jidderee 47,6 mol am Asaaz gewiescht. Well nun awer nët all eis Komeroden fir all Occasioun zur Verfügung stin, si sin och nach soss wou engagéiert am Liewen. Sin der en etlech, déi nach vill méi dack vun doheem hu missen eraus. Jo, et gouwen der vun äis, déi 88 jo esouguer 93 mol hu missen dru gleewen. Weider deelen ech iech mat, datt eis Leit vum Zentralcomité 20.806 Km mat hiren eegenen Autoën gefuer sin, fir sech am Intérêt vun den Enrôlés de Force hirer Cause ze déplacéieren. An dat zum Nulltarif. Och dat sief hei festgehaleen.

Forcément as dese Rapport mat all den Opzielungen abstrakt gehaleen, obschon en etlech Punkte eng méi breet Duerstellung noutwenneg hätten. Et as einfach onmögliche alles am Détail ze kommentéieren. Fir iech elo nët iwwerméisseg ze strapazéieren, beschränken ech mech drop, nuren ee pur Punkten méi ausfäerlech duerzeléien. Froën däre selbstverständlech uschiéissend gestallt gin.

Aus deem Ganzen hu der erausgehéiert, dass mir de Schwéierpunkt op déi verschidde fötzegt Anniversaires-Zeremonie geluecht haten, ouni awer de soziale Volet ze vermoleissegen, wat hei nët esou direkt zum Ausdruck koum. Mir hun un allen offiziellen Zeremonien, souwéi och un deene vun anere patrioteschen Organisatiounen deelgeholl, do wou mer invitéiert waren. All Gélénheet war fir äis wichtig genouch, fir op d'Problematik vun der Zwangsrekrutierung opmierksam ze maachen an ze hëllefen, d'Geschicht wou Krich ze vervollstännegen an eise Jonktem ze informéieren. Mir wolten awer och dës

mémorabel 50zechst Anniversaire marquieren durch é puer spektakulär Aktiounen, déi iwwer de Kader vun dem Geweilechen erausgaange sin.

Den éischten Héichpunkt war ouni Zweifel d'Schaaten an d'Inauguration vun där monumentaler Eirepoart zu Slonsk, a Polen, en eemolegt Événement, op dat mir zu Recht houffeg därf sin. D'Grundid, déi hei zu Lëtzebuerg gebuer gouf, war déi, fir nach emol no 50 Joer eis Verbonnenheet mat deene gemuerte Komerode vu Sonnenburg zum Ausdruck ze bréngen. Déi Poart, ech betounen datt hei ganz besonnesch, soll awer gläichzäitig de symboleschen Zougank markéieren, zu deene bekannten an onbekannte Griewer vun deene Lëtzeburger Jongen, déi am Osten vun Europa onnédergerweis ëm d'Liewe korm sin.

Virwat elo grad zu Slonsk? Mä dat as déi Platz, wou dee gréisste Massemuerd u Lëtzeburger am leschte Krich begange gouf. Vir déi Sympathien, déi d'Populatioun vu Slonsk onse Komeroden entgéint bréngt, an zwar doduerch dass se als Erinnerung un eis Doudeg e Musée gebaut hun an en Eireklirfecht agericht hun, ka kee Mënsch eng besser Platz fannen. Obscho mir ufanks nët iwwerall op Verständress, jo esouguer op Skep-siss bis Ofleerung vun eiser Idi gestouss sin, war et dann dach awer eng formidabel Aktioun gin an de Succès huet äis Recht gin, och op finanzéierler Hilsicht war et vollen Erfolleg. Wéi mer nämlech d'Décision geholl haten dëst Wierk ze réaliséieren, hate mer nach nët emol e Waak. Wéi mer dann den 28. Abrël gestart sin, fir de Pëlerinage mat der Aweihung, du war dat Monument bis op de läschten Dibbel bezuelt. En plus konnte verschidden Reparaturaarbechten um Musée bezuelt gin déi d'Gemengekees vu Slonsk ganz einfach nët verkraaft hätten. Wéi gesot, hate ronn 160 Leit den Déplacement op Slonsk (wat e Koup fir Lëtzeburger Begréift), déi eng mam Bus, déi aner mam Flieger a Bus kombinéiert. D'Erënnerung un déi Zéramonien zu Slonsk, esou wéi mir se dohannen beandrockend erliewt hun, an dat a Präsenz vun héigen politeschen a kiirlechen politeschen a lëtzebuergeschen Autoritéiten, esou wéi der gesamter polnescher Populatioun aus der Gemeng Slonsk, bleift fir all Zeit an eemolegt Erleiwress. Awer och an der iewescher Etage vum polnesche Stat huet dës Aktioun eng resonant Wierkung hannerlooss, well, wéi der elo scho viidrun héieren hut, as eise President a Präsenz vun enger Delegation vum Fédérationscomité den 11. September zu Bréissel vun polneschen Ambassadeur ausgezecheent gin mam Chevalier am Ordre de Mérite vun der Republik Polen. Dës Auszeechnung as eng Eier fir eis ganz Organisatioun vun den Zwangsrekrutéierten.

Wéi all Joer war och eis Oktavmass gutt besetzt. Speziell ervirgerneue sief, datt den zweeten Oktavsonnedeeg, während der Pontifikalmass an der Kathedral op Initiative vun eiser stater Sektoun eng Gedenkplack ageweicht gouf, wou op de Leidenswee vun den Déportierten, de politesche Prisonsnier, den Anciens Combattants an den Enrôlés de Force erënnert gëtt.

Da war et den 22. Abrëll eise Kongress zu Gréivemaacher mat enger Rekordbedelegung. 42 Sektoune vun 51 mat 109 vun 140 méiglechen Delegierte waren do vertrueden. Et war dat e wirkleche groussartige Succès. An nodréigleche siew de Maacher Komeroden nach eemol e grousser Merci gesot fir hir musterhaft Organisatioun.

Och ons Journé commemorative vum 10. September hat een bésselchen aneren, ech géing soen, e méi aggressive Charakter ugeholl gehat. Eise President hat éngéint der Tradition a senger Usprooch zereck gekuckt, wéi et deemols viru 50 Joer wirkleche war. Dobäi hat hien en etlech Punkten op d'ie gesat, déi leider zënter all ze laang falsch geparkt waren. Vlächht hun en etlech Leit dës Rectificatioun schlecht verdaut, mä dat alles huet eemol musse gesot gin. Eng weider grouss Erausforderung un eis Organisatioun war d'séance académique am Conservatoire zu Léitzebuerge den 18. 10. énnert dem Motto: "50e anniversaire de la libération des enrôlés de Force du joug nazi." Sënn an Zweck vun dëser Séance war et, fir a Présenz vun Grand-Duc an der Grand-Duchesse, esouwéi a Présenz vun der Politprominenz vun eisem Land der studierender Jugend vun den ieweschte Lycéesklassen den Drama vun der Zwangsrekrutierung méi verständleche duerzuelén. Wéi ech et schon viirdun gesot hun, huet de jonken Historiker a Professor Paul Doster seng Aufgab bei där Geliétheet mat Brio gemeeschert. Wann et jonk Leit gin, déi sech besonnesch fir eis Léitzebuerger Geschicht interesséieren, kënnen mer hinnen dësen Exposé nëmmen emfeelen. Als kleng Kritik siew hei inust festgehale, datt vun deene fir d'Schouile reservierten Billjéén nëmme gutt 60% benotzt gi waren, an dat obschon d'Éliven fir dës Gelegenheet schoullfräi waren. Eng zweet Kritik richt sech awer och u verschidden EdF-Sectiounen. All waren se invitéiert mat der duebeler Zuel vun Delegierten, déi zuelen. Leider hun der en etlech et nët der Méi wärt fond, op eise Zirkuär ze réagieren.

Déi drétt grouss Erausforderung war den Aménagement an d'inauguratioun vum Mémorial de la Déportation an der Gare zu Hollerech, déi d'Enrôlés de Force zesumme mat den Emsidler zesummen ugange sin. Leider konnte nët ewéi

viirgesin d'Arbechten ofgeschloss gin. Fir den Asaaz vun dëser engagierter Equipe, – mir hun elo grad héiren, wéi dack si ugetratt war, gowen d'Mëmbere dervun schlecht belount. Weider huet de Fait hinnen e Stréch duerech d'Rechnung gemaach, an zwar huet et sech hei em en technesche Problem gehandelt, op deen eis devouéiert Equipe keen Afloss hat. Zu deem Zäitpunkt, wou si d'inauguratioun geplangt hat, war d'Rue de la Déportation vun enne bis uewen operappt gewiescht, esou datt e méintelaang nët mam Auto bis op d'Hollerecher Gare komm as. Déi éischt Phase as awer esou wéi geplangt réaliséiert an déi zweet as amgang. Détailler dorwiir gët lech de President a sengen Exposé. Et as dann awer och hei ubrecht, der ganzer Equipe, déi énnert der kompetenter Presidentschaft vum Komerod Guy De Muysier onermiddleche geschaff huet, hir a mengem an an ärem Numm e grouse Merci ze soen.

En anert Kapitel, dat äis all déif traureg mécht, as dat vun deene sëlliche Verstuerwenen aus eise Reien. Fir d'Joer 1995 huet eise Komerode Emile Olssem, dee peintelecht genee all vun eise Stierwäll registréiert, äis d'Zuel vun 613 Komerodinnen a Komerode viirgeleucht, déi fir émmen vun äis gaange sin. Et waren dat 358 Männer an 255 Fraën. Léif Komerodinnen a Komeroden, mir stiele fest, datt eis Reihe ganz rapid zesummeschrompen.

Mir bleibt nach drun ze erënnere, dass wéi an der Invitatioun fir op de Kongress vun haut ze kommen annonciéiert war, nach émmen dräi Leit am Zentralcomité fehlen. Ech hoffen, dass e puer Interessenten sech doheem fräigefrot hun, fir datt 12 aner Komerodinnen a Komeroden, déi joeran a joeraus stéits fir all Interesse vun den Enrôlés de Force op de Bresch stin, a vun deenen och alt en etlechmol der krank gin, nët am Reen stoë gelooss gin. Wéi der aus mengem Rapport eraushéiere konnt, gët et bei äis nach kee Chaumage. Paakt also eng Hand mat un, dass mir déi Arbechten, déi op äis warden, erfeedege kréien.

lech allgeruete wënschen ech weiderhin eng gutt Gesondheet. Dir gitt nach all gebraucht. Ech soen lech Merci, datt der mir esoulaang nogelasschert hut.

Finanzrapport

Nom Emile Gruber sengem Rapport iwwer d'Kees vun der Association as där hir Finanzlag an der Balance. Et gouf keen décke Boni gemacht, mä émmertin as dat nach besser ewéi en Déficit sot hien. De Pierre Rassel, a senger Qualitéit als Keesreviser, huet der Versammlung bescheinegt, datt si, nodeem se dem Emile Gruber

seng Schreiwereie kontrolléiert haten, dës a bescher Uerdnung sin. Dorobs hun d'Delegéiert dem Keeser an dem ganzen Zentralcomité eestëmmege Entlaaschtung gin. Als Keesreviser fir 1997 fungéieren d'Komerode: Arthur Anen, Jean-Pierre Goffinet a Pierre Rassel.

Beim Punkt: **Compléteire vum Zentralcomité** gouf et extrême routhege am Sall. Op d'Fro: "Wien as bereeit am Zentralcomité matzeschaffen?" – huet kee sech gemellt. Also bleibt et bei deenen 12 aplaaz 15 Mëmbere, déi d'Geschécker vun der Association des enrôlés de force, victimes du nazisme och an Zoukonf. leede mussen. Keng rouseg Aussichte fir si!

Den Zentralcomité setzt sech folgendermoossen zesummen: President: Jos. Weirich Vize-President: Ben Jacob; Sekretär: Jim Bolmer; Keessier: Emile Gruber. Assesseurs: Nic. Chamagne, Jos. Clees, Julien Coner, Jean Hames, Jacques Muller, Emile Olssem, Julien Reuter, Marguerite Steffen.

Duerno gong et em Bestëmme vun der Uertschaft, wou de Kongress am Joer 1997 ofgehale soll gin.

Wéi e Wonner waren der op eemol gläich 3 viirgeschloe gin. D'Delegéiert hun sech entscheed, datt de Kongress no folgender Reihenfolleg ofgehale soll gin, an zwar 1997 zu Steesel, 1998 zu Esch-Weizrecht an am Joer 2000 zu Suessem. D'Promenade surprise stong als nächste Punkt zur Diskussioun. Datt se och 1996 ofgehale sollt gin, gouf als eng Selbstverständlecheit duegestallt. Wou dat da wir, huet den Zentralcomitésmëmber Jos. Clees der Versammlung gesot, an zwar géng d'Nord-Sectioun d'Organisatioun der vun iwwerhuelen. Si as zu Stolzembuerg, am Eisleek. Do soll se de 15. September 1996 iwwer d'Bühn goen. An de Jos. Clees huet scho gläich d'Delegéiert opgeruff, an hire Sectioun Reklam fir den Tréppeltour vun den Enrôlés de Force ze maachen, fir datt méiglechst vill Komerodinnen a Komeroden dee Sonndegnométtig op Stolzembuerg solle goen.

Rapport vum Bernard Jacob iwwer d'Recherchen am Ex-KGB sengem Archive zu Moskau.

Wa mir all, dat heescht, d'Fédératioun, d'Associatioun an dir all vill Ophiewes gemach hun iwwer déi sëllege Komeroden aus eise Reihe vun den Zwangsrekrutierten, iwwer deenen hier Nêthemkommen rose wéinig, jo, glat näischt an all deene Joere nom Enn vum Zweete Weltkrich gewuer konnte gin, a wa mir dorwiir wéineg geschwat wéi der geschriwwen hun, dann as

dorënner nët ze verstoen, dass mir äis där schlimmer Saach futéiert hätten. Mir hun eis Arbecht ganz einfach nët an d'Rampellicht gesat, well domadden vill aal Wonne nees opgerass gi wieren. Anerer hun, haptsächleche am Ausland, nodeem se Asicht an de russeschen Archiv zu Moskau kritt haten, mat Balkeniiwwerschréften an den Zeidongen opgetrompt, wéi zum Beispill: "Archives russes: Un avènement historique des incorporés de force!", oder: "Le KGB ouvre ses portes aux incorporés de force."

Et gutt also em d'Lous vun unsen ongléckleche Komeroden, déi d'Chance nët haten nees heem ze kommen. Deenen hir Eltere si méttelweil an der Eiwigkeet, ouni zu Liewzäiten iwwer de Verbleiw vun hire Jongen eppes gewuer ze gin, trotz aller Noforschungen ni e gräifbar Resultat kritt gehat ze hun.

Wa mir an der Vergangenheet nët hart iwwer eis bëino 2.000 spurlos verschwonne Komerode geschwat hun, da geschouch dat aus Piétéit vis-à-vis vin hinnen, hiren Elteren an hire Familien. All déi vun äis, déi d'preisesch an d'russesch Fronten, a besonnesch déi zum Schluss och nach erliewt hun, wéi et do an de russesche Gefaangenenlager war, déi dann dach awer d'Chance haten nees heemzekommen, waren der Wourecht vill méi no, och wa se nët dorwiir geschwat hun. Si hun allzäit eng gewësse Gène émfond, an dat nach haut, fir dorwiir ze schwätzen. All dat Erliewtend war eemol ze vill schreckleche. Loosse mir et rouhege agestoe, mir hate nët de Courage den Elteren hir Hoffnungen hir Jongen eemol erënzegesin, ze zerstéieren, .

Ech zittéieren déi Mamm, där hiren ee Jong geféll as, an hiren zweeten, deen als vermësst géllt. Si sot: "Deen, dee gefall as, dat as bëiss gewiescht. Vun him wees ech awer, dass en dout as. Mä d'Gedanken un deen zweete loosse mech einflich nët zur Rou kommen. Et as d'Ongewëssheet iwwer säi Schicksal, dat mech esou schreckleche geheil." Enn vum Zitat."

Et woren der, an et sin der nach haut, déi äis reproschéieren, mir hätten äis nët beméit, mir hätte Gottes Waasser iwwer Gottes Land laate gelooss, a nëmmen no eise Viirdeeler gekuckt. Fir dat ze widderréien, erlabt mir dofir mat lech e kleng Réckbleck an d'Vergaangenheet ze maachen.

Direkt no der Libératioun, also no dem 10. September 1944, dee ganze groussen Deel vun de Jonge ware nach an der Friem, do hun d'Eltere sech zesummedeoen a waren op der Bresch fir eppes iwwer d'Schicksal vun hire Kamer gewuer ze gin. D'Eltereveereneigung gouf gegrént, en Haptfeiler vun der Ligue ons Jongen an eiser heiteger Fédératioun. Ech erënnere nëmmen un d'Hären Oster, Simonis an de Pappa

Feyder. Si all sin haut an der Eiwegkeet, an och nach haut soe mir hinne onse wärmste Merci.

Wann e sech d'Méi mécht, fir an onser deemoleger Zeitung "ons Jongen" ze bliederen, da kann ee feststellen, dass praktesch an all Nummer d'Suerg ëm déi vun äis zum Ausdrock kënn, déi nach an der Friem waren. E puer Beweiser: Artikel as do gewiescht mat dem Titel: **"Die Katastrophe. - Wieviele Jungen finden den Weg je wieder nach Hause zurück?"** Oder en aneren Artikel vum 30. November 1946. Et as dat en Artikel, - ech hun ee Moment gezéck, fir e viirzulesen, - mä ech mengen haut, bei déser Gelegenheet, liesen ech iech en dach komplett vir. Et as den Artikel mat dem Titel: **"Fahrlässige Tötung"**. E gouf geschriwwen an där Zäit, wéi eis Tambower Komerode schon iwwert e Joer erëm doheem waren. An nach ëmmer si Jonge vereenzelt heemkomm. Mir haten ons all doheem an d'gemittlech Stiffchen bei den Uewe getesselt an ons Aen hu geglännert mat dem Friedefeier an deem d'Lompe vun der Gefaangenschaft verbrannt gi waren. Mat deene Lompen as d'Erënnerung un de grouse Misär nach eng lāschie Keier-ogeflaamt a vergaang. Haut kucke mer kaum nach op déi gro Aschen, déi iwwerg ënnert dem Héil blouwen a mir hu vergiess, dass mer, der nach Dausenden dohanne gelooss hun. An e fatzege Mantel gewéckelt stonge se v'läicht op eng Plouss gestäpt bei Eisebumschwellen oder an engem onendliche Sonneblumefeld, niwert de Schinnen, op deenen eisen Zuch heemgedauscht as. Si hun dee laange Wee nagedreemt, dien d'Rieder erfurubbele géingen, wann se endlich an de Waggoe wieren. E schliefen Dram, aus deem e mongolesche Posten si vive erausgedriwwen huet. Si hun ni dru gezwéifelt, dat schon e groussen Deel vun hire Komeroden an deene grouse Véhween um Stréi geléen, déi puer Stonne verbréngen, déi se nach vun doheem trennen. Heem op dee Buedem, an deem eis Wuerezele stungen, éier mer vum Stuurm erausgerappt goufen. Gewéss! En as nêr méi esou gesond an esou leit ewéi deemols. D'Steng an de Stöppls leien an de Furen, an et heescht sech mat aller Gewalt géint de rauhe Wand stäipen, deen derdurch facht an all déi Suerg, an der Suerg iwwer eisen eegenen Avenir hu mir ons Komerode verroden.

As et kee Verrod, wa mir Dag fir Dag un déi sëlliche Versprieche erënneren, mat deenen d'Eltere vun onse vergiessene Komeroden ëmmer erëm am Büro an d'Antichamber vun den Exzellenzen eraus geschéckt goufen? As et kee Verrod, wa mern nêr déi deierlech Ausrieden durch all Gaasse ruffen? As et kee Verrod, wa mer all déi Topechkeeten aus munnechem Momm ouni Héierz gäisselen, oder wéi déi eng un déi gewaltig

Rapatriierungskräpp gelooss goufen an erëm erauskrauche wéi sténkeg Mueden? As et kee Verrod, wann nêr uechtert d'Land der fierchterlech Infamien an all Dierfchen an an all Kräetzwee proklamieren, déi géint d'Éier vun onse verlore Komeroden an hir Elteren mat Grapp geworf goufen, wéi schwärze Morast aus dem Maschtepuff? Versprieche nach a nach, déi ni gehale goufen. - - -

An der Zeitung vun der Ligue ons Jongen vum 4. September 1946 steet ze liesen: "Eine Delegation der Elternvereinigung der Ligue ons Jongen unterbreitete dem Staatsminister Pierre Dupong einige Vorschläge betreffend die Entsendung einiger Spezialmission nach Rußland, respektiv Militärrattachés nach Moskau, die sich ausschließ- lich mit der Heimbeiförderung unserer vermißten Kameraden zu befassen habe. Der Staatsminister versprach, die eingebrachten Vorschläge genau zu überprüfen und in spätestens 14 Tagen seinen Entschluß mitzuteilen." Zwee Méint laang ware mer ze feig, Här Staatsminister, fir iech un ärt Versprieche ze erënneren. Zwou Woche Bedenkzäit hat dir iech gefrot. Mä méi ewéi zwee Méint hu dir doriwwer gebreit, ewéi iwwert engem blannen Ee. Mir ower, mir hun iech gemittlech gewärdelooss. An elo as den éischte russesche Schnéisturm am gaang, eis Komeroden émzeleien. Mir wëllen nêr nach méi laang se am Plang loosse. Mir wëlle weingstens nêr Schold sin, Exzellenz, un hierem fierchterlechen Emm. Mir op kee Fall!

Doifr froe mir iech, op dir v'läicht am Eescht dru gleewt, dat dee belsche Kolleg no senge Compatrioten aus Eupen-Malmédie uechter, Russland schnuppere geet, dat dee méi impresséiert kënn sin all Lëtzeburger opze- fannen wéi Neibelgier oder Rexisten. Besonnesch wann dier hien am Radio erziele loosst, ëmmer eise Rapatriéierte wir op d'mannst 1/3 preisesch gewiescht.

An der Pressekonferenz beim Minister vum Rapatriement gouf riicht eraus gesot, et stéing méttlerweil fest, dass déi meescht vun deene Jongen, déi elo nach nêr heltheem wieren, am Krich gefäll oder a Russland gestuerwe wären. Wann eppes feststeet dann as et dést: Wann dir nach no Ausriede sicht, Exzellenz, fir Korrekturen un äter Entreprise ze maachen, a wann der nach esou vill d'är halwer Wuerechte verbreet, déi der äis senvéiert an déi är Leit iech zoudroen, da sollt der tuell méi un de Recherche vun hiren eegene Kanner interesséiert sin, mat där komplizierter Affär chargéieren. Mir wëssen, Exzellenz, dass Privativitativ nêr an ärem Parteiprogramm steet. Mä, gell, e Grappvoll Mënscheliwwen, a wir et och

nëmmen Eent, as dach méi wäert wéi eidel Paragrafen an engem steiwe Parteiprogramm. Hu dir de Courage zouzegin oder ze leegnen, je nodeem, Här Boever, dat dir deem Papp, dee leider nach ëmmer op sai Jong waart, riicht an d'Gesicht gesot hut: "Wann der äre Borscht verstoppt hätt, da bräichte mir haut nêr ewéi bänzeg no him ze sichen." Wann der et nêr leegne kënn, da wënschen ech iech nëmmen Eent, Här Boever, dir wäert am Krich viirun d'Alternativ gestallt gewiescht, entweder an de Preisen hir Arméi ze goen, oder hinne är Elteren auszelliwieren, an dir hätt iech schliesleech fir dat éischt entscheed. Natirlech ech sin esou perfid iech ze wënschen, dir wäert a Sibirie komm, an och wënschen ech iech dir wäert no laangem, laangem Waarden heemkomm, d'Been vum Krätz gefriess, d'Räpper duerch de Palong erauslussen, an da wënschen an d'Äe rout ënnerlaaf. An da wënschen ech iech, dass dir, de rapatriéierte Krichgefangene Boever mat dem Commissär Boever konfrontéiert gi wäert. Ech wëllen, dir hätt him op d'mannst fierchterlech d'Wouerecht gesot, well der zevill apatesch gewiescht wäert, fir en ze sichen. Dës éierlech Wieder war ech mengte Komerode schéllég, déi zu Tambow am Bésch leien. Himen an all deenen, déi nach am Schnéisturm bei enger Petrolsluucht déi lāscht Tréinen no hirer Mamm krätschen, ir eng kriminel Insoissance si an d'Graw gestouss huet. - B.R. ënnerschriwwen.

Den Auteur vun dësem Artikel as de fréiere Professor Robert Bruch. Hien hat sän Artikel mat **"Fahrlässige Tötung"** iwwerschwien. Mä dat do, dat wat e Sacrilège, eng Blasphémie, eng Majestätsbeleidigung. Dat war e Staatsverbrechen an dorop stong d'Doudestrof. Dat war den Ufank vum Emm. Zwoe Joer drop as d'Ligue ons Jongen an hir Zeitung higericht gin an dout. Haut sin ech der Meinung, dass dësen Artikel den Haptausléiser fir den Ernnergank vun der Ligue ons Jonge war. Dee Bruch do, dee schwätzt ze vill haart an onmanéierlech. Hie muss monddout gemaach gin. Wat dann och geschitt as. Dir wëst jo bescheed, mir hun dat alles materilewt an ze spiere kritt.

Erlaabt mer nach e Wuert iwwer de Verfaasser vum viirdun zitéierten Artikel. De Robert Bruch war 1920 zu Beauvais gebuer gin. Gewunnt huet um Cents, N° 6. Sai Papp war de Victor Bruch. Hie war katholuesch, Universitätsstudent, gouf 1942 an d'Wehrmacht gezwongen, an den 22. Februar 1944 zu Narew a Polen vun de Russe gefaangen. Vun do koum hien iwwer munnech Erméer an d'Lager 188, wat mir mat Tambow bezeechnen. De 24. Oktober 1945 koum hien op Transport an as mat dem Gros vun den Tambower am November 1945 zu Lëtzeburg gelannt. Nach zousätzlech dat elei: Hie gouf den Auteur vu ville

Bicher. Bei der Viirarbechte fir de neie lëtze- buergeschen Diktionnär war hien d'Schaffpäert. Duerch en trageschen Autosaccident, nêr wäit vun doheem, as hien dobäi den 22. Juli 1959 leie bliwwen. Och him senger welle mir haut an hei gedanken.

Niewent all deene sëlliche Arbechten um nationalen Plang sin och onbedéngt déi um inter- nationale Plang ze erimmen. D'Elteren waren och do nees déi éischt um Plang. Si hu scho ganz fréi Kontakt mat dem internationale Roudé Krätz geknappert an ënnerhalen. Si hun esouger Verbindung mat dem preiseschen Heimkehrer- bund an der Kriegsgräberfürsorge opgeholl. En anere Bewäis vun internationale Beméihunge sin d'Aviseis déi vun de russeschen Autoritéiten an eisem Ausseministère agelaat sin an als "avis de décès sovjétiques" bekannt waren. Do war een éischten, dat war de 24.4.1952, mat deem den Dout vum Heller Jos. gemellt gouf. Et waren der 9, déi ech an deenen Enmerlage fond hun. Dee Lāschten, dat as den André Hilger aus dem Rolléngergronn. Deen as de 5.8.1959 an engem Krichsgefangenelager gestuerwen. Ech hun den André selwer gutt kannt. Sai Papp war Schräiner am Rolléngergronn.

Do hu mir awer, esou ewéi ee sech dat nêr ëmmer viirgestallt huet, d'Akten a Matbeulungen aus Russland kritt. Mä, nom Retour vun eisen Tambower ufanks November 1945, sin nach ëmmer gréisser a kléng Gruppe vu Jongen erëm heemkomm. Ee Lāschten as 1948 erëmkommen. Ech konnt keng präzis Donnéeën doriwwer fannen. Deemols stonge mer a kenge guddé Bezéiunge mat eiser Regierung, - esou dat mer nêr vill gewuer goufen. Et pour cause - de kale Krich, de Koreakrich, Vietnam an all déi anere Reiwerien hun d'Recherche nêr méi liicht gemaach. An do koum Perestroika a Glasnost.

Onsen deemolege Komerode an Ambas- sadeuren zu Moskau an eis Kollegen hun alles drugesat, d'Recherche viiruzzedriwwen. Am les Sacriflés vum Juli 1985 hate mer um Titelblat sloen: **"Une question inquiétante! Y a-t-il encore des rescapés enrôlés de force vivants en URSS?"** Den 18.10.1985 gouf an der salle Mansfeld an der Stad eng table ronde organiséiert, un där den Här Pierre Rigoulaux an ons Tambower bedegelt wa- ren. Menger Meinung no, war d'Resultat dovunner nêr ganz déck.

Den 2.12.1985 äntwerte mir op ee Bréif vum deemolige Chämberpresident, den Här Léon Bollendorf. Ech zitéieren dee Bréif als Bewäis, dat mer och do matgeméischert hun. Hei den Text:

Monseigneur le Président, - Nous vous remercions vivement de votre lettre du 6.11.1995, par laquelle vous témoignez une sollicitude pour

le problème qui nous préoccupe encore aujourd'hui, 40 ans après la fin de la Deuxième Guerre Mondiale. Il s'agit de rapatrier les tous derniers survivants enrôlés de force qui se trouveraient encore dans les camps de prisonniers de guerre en Union Sovjétique. En l'occurrence il s'agit de dépister les traces de 126 de nos camarades renseigne les dernières traces connues dans l'un ou l'autre des 74 camps de prisonniers de guerre en Union Sovjétique. Afin d'avoir une définitive certitude sur leur mort ou leur survie éventuelle, nous vous saurions gré de bien vouloir passer les questions suivantes aux autorités sovjétiques:

1° A quelle date les divers camps de prisonniers ont-ils été dissous?

2° Quelle a été la destination de transfert des prisonniers des dit camps?

3° Que sont devenus les enrôlés de force luxembourgeois de ces camps?

4° Existent - il des indications sur des enrôlés de force luxembourgeois décédés dans les camps et que renseignement-elles?

5° Pourrions nous avoir une liste exacte des décès d'enrôlés de force dans les camps de Kirsanow et de Tambow?

S'il ne nous appartient pas de raviver la douleur des familles concernées, il est de notre devoir de chercher d'éclaircir une fois pour toute le sort des victimes innocentes d'une guerre atroce. Veuillez agréer, Monsieur le Président, etc.— etc.—.

Geléelech enger Visite vum eisem Châmbrepräsident Leon Bollendorf zu Moskau, huet hien den 23. Februar 1988 dem Här Talkunow, Präsident vum Sovjet Suprême vum der URSS, eng Komeroden iwwerrecht, déi bis dato nach nët helheim sin. Dës Lëscht war zesummegefallt gin vum Fédérationscomité. De 25. März 1988 schreiw den Här Bloes, deemolegen Ambassadeur zu Moskau, dem Ausseminister, dem Här Jacques Poots, dass hie eng éischt Lëscht als Resultat vu Recherchen zougestallt gin wär. Den 18. Mee 1988 huet den Här Bloes dem Präsident vum eiser Châmbre déi Lëscht iwwerrecht, déi äis vum Ministère des Affaires Etrangères den 20. Mee 1988 zougeschéckt gouf.

De 15. Februar 1993 gouf de Geschichtsprfessor Paul Dostert vum Ausseminister Poots mat der Recherche an de russeschen Archiven beoptragt. Hie sollt versichen d'Schicksal vun onsen nach ëmmer vermësst Komeroden opzeklären. Sonndes, den 28.3.1993 war eng éischt Entrevue tëschend dem Här

Dostert, dem Erny Heintz, dem Guy De Muysier an dem Jos. Weirich. Ech wëll alles hei opzielen, wat mir ënnerholl hun, fir de Reproche ze widderteien, deen äis gemach gouf, a wou äis viirgehâit gin as, mir hätte geschlof.

Den 23.3.1993 war eng Informatiounssetzung mat dem "Verband der Heimkehrer", der "Kriegsgefangenen- und Vermisstenangehörigen". Dorun hie deelgeholl: Guy De Muysier, Paul Dostert, René Rodesch, René Didier. Si konntien äis déi éischt Renseignementen liiwerehen, iwer d'Arbechten vum éisträichesche Professor Stefan Kamer vum der Grazer Universität.

An enger anerer Entrevue mat dem Staatsminister Jean-Claude Juncker as festgehaalen gin, nodeem dem Paul Dostert seng Missioun nach eemol bestätegt gi war, op russesch schwätzend Leit zeréckgräifen ze dären, déi dem Här Dostert a sengen Aktiounen hëllefte sollten.

De 15.9.1993 hun der Moskauer Equipe hir Recherchen démarriert. D'Léitzbeueger Ambassade zu Moskau war matzoutännege fir dës Arbechten. Vum 16. bis de 19. Oktober 1993 war zu Graz eng Entrevue mat dem Professor Kamer. Vum 8. bis de 16. Februar 1994 war de Paul Dostert zu Moskau, fir d'Arbechten déi bal ofgeschloss waren ze kontrolléieren an och fir dee finanzielle Volet ze régléieren. Hei bleiwit ze soen, datt déi Käschten, déi déi ganz Entreprise mat sech bruecht huet, vun eiser Regierung gedroe goufen.

Am Verlat vun enger klenger Feierstonn goufen eisem Ambassadeur d'Disketten vum Professer Stefan Kamer iwwerrecht. De 15. März 1994 waren déi Disketten mat der diplomatescher Valis zu Léitzbeueg gelannt. Dem Paul Dostert seng Arbecht gong dun ereischt zegutstuter un. An enger läschter Entrevue vum 21. Juli gouf festgestallt, dass déi Diskette codéiert ware vun de Russen, wat de Viirstellung vum eiser Regierung nët entsprach huet. Mat Verspeidung duerch d'Krankheet vum Professer Kamer an aneren onerwarte Schwierigkeete koom de Professer Dostert, an datt nach nëmmen op Privativitativ hin, ereischt am Mee 1995 an de Besët vun decodéierten Disketten. A senger Fräizäit konnt hien dun seng Arbechte färdig maachen. Den 3. August 1995 war hien esou wäit, datt en d'Resultat dervun dem Staatsminister viirée konnt. Ech menge richtig ze leien, wann ech mir erlaben am Numm vun der Féderatioun an am Numm vun iech all dem Professer Paul Dostert häerlech merci ze soen. Am November 1995 huet de Staatsminister, den Här Jean-Claude Juncker äis dëse Brëif geschriwwen:

"Monsieur Jos. Weirich, président de la fédération des victimes du nazisme enrôlés de force. Monsieur Paul Dostert vient de me remettre

le rapport final définitif des recherches dans les archives de la Fédération de Russie en vue d'éclaircir le sort de ceux des enrôlés de force portés disparus. J'ai l'honneur de vous faire tenir une copie en annexe du rapport nous remis en début d'année. Je saisis cette occasion pour vous présenter, Monsieur le président, l'expression de mes sentiments très distingués.

An hei as dann elo wat bei deene Recherchen erauskomm as. Ech mengen et géit elo zevill Zäit verlier, wann ech all Einzelheeten haut an hei géing opzielen. Duerfir bräicht ech e puer Stonnen, an déi Zäit steet äis ganz einfach nët zur Verfügung. Mir sii selbstverständlech all deene vun iech zur Verfügung, déi un Détailler interesséiert sin, an datt donneschdes nomëttes an eisem Service méi wëllt wëssen, deesoll sech mat äis otfspriechen an e Rendez-vous ausmaachen. Mir stin him da Ried an Antwort.

Ech hat iech viirdrun e puer Détailler vum Robert Bruch sengen Lieweslaat geliiwert, Déi hun ech aus deene Fiche geholl, déi aus dem Moskauer Archive stamen. Also, all Ennerlagen vun deene Jongen, déi an der Zäit mat Russen a Kontakt kom waren, do a russescher Gefaangenschaft waren, leien zu Moskau am EX-KGB-Archiv. Dir wësst also scho gläich, wat alles do erausgelies ka gin. Wat mir elo vun Ennerlagen hun, hu mer an dräi verschidden Deeler zesummegefaast. Do gëtt et eng éischt Lëscht mat 1.894 Nimm vu Jongen, déi während enger gewëssen Zäit a russescher Gefaangenschaft waren. Enger zweeter Lëscht vun 212 Nimm vu Jongen, déi an de russesche Lagere gestuerwe sin. An enger drëtter Lëscht hu mer dann 152 Nimm vu Persounen, déi durch d'Russe rapatriéiert goufen.

Zu Lëscht eent bleiwit ze soen: An där Lëscht sin och déi 212 Verstuerwen dran. An der Lëscht dräi, do figuréieren eng Parti Nimm vu Jongen, déi agezu waren, an déi sech durch irgendwelleg Emstänn der Gefaangenschaft entzéele konntien. Mir hun zu dem Beispill een hei bei äis setzen, datt as de Clees Jos.

Dee gréissten Deel an der Lëscht dräi, si Nimm vu Leit, déi vun de Preisen emgesiedelt gi waren, Frae - Kamer a Männer, jo ganz Familien sin do derbäi. Si koumen iwwer verschide Routen nees heem, ënner aneren och iwwer Odessa.

Déi zweeter Lëscht as déi interessant. Déi huele mer äis e bësselche méi genee ënnert d'Lupp. Ech hu versicht durch Eliminatioun der Wourecht méi séler op d'Spur ze kommen. Ech hun all déi erausgezun, déi nët zu Tambow waren oder zu Kirsanow, an do gestuerwe sin. Eis Tambower vergläichen elo hir Lëschtien mat deenen aus Moskau. Der russescher Lëscht no wieren 153

Jongen zu Tambow an zu Kirsanow gestuerwen. Deemo bliiwien der nach 59 rescht. Vun deene 59 rechne mer dann nach eemol 36 Nimm vu Jongen ewech, déi äis als vermësst oder gestuerwe bekannt sin. Et bliwien also: 59 - 36 = 23 Nimm iwwrech. Bei deenen 23 as Verschiddene onkloer. Enner deesen 23 Nimm waren ech déi vu 7 Persounen déi a priori ewechfalen, well et sech ëm esouer handelt, déi sech fräiwëlleg an d'Wehrmacht gemellt haten. Och datt as schon deemols vun de Russe festgehale gin. Déi 16 Jongen, déi elo rescht bliwwe sin, do musse mer onbedéngt weider Recherche maachen. Ech liesen ech elo hir Nimm viir. Wann ee Numm iech bekannt sollt sin, da wann iech geliwt, so äis gläich no der Versammlung Beschëed oder maacht datt nodréilech um schréffleche Wee.

Et sin: Antony Nicolas, Genck Paul vu Befort, Kanton lechternach, Goedert Jean vun Esch/Uelz., dee war zu Nanzeg gebuer; Gonner Metty vun Dikrech, deen as 1922 gebuer; dee war wéi et scheingt eng Zäit zu Eschweiler; Klein Fernand vu Léitzbeueg, Millebacherstrooss, 48, e Koch Paul vun Esch/Uelzrecht, 1921 gebuer; Konrad Nicolas vun Esch/Uelzrecht, 1920 gebuer; Kremer Fernand-Jean, zu Tréier gebuer an deen hätt zu Wasserbëlleg gewunnt (bei deem besteet d'Méiglechkeet, datt et sech bei him ëm e Preis handelt, deen déisäit der Musel gewunnt huet a sech als Léitzbeueger ausgin huet, fir éischer heemzekommen); Spiller Franz; Schweich Ugene, Stemper Emile vu Beetebeueg, Poots Emile vun Diddeleng, bei deem hun et erausfond, dass en nach e Brudder hat an dee war fräiwëlleg an der Wehrmacht, hire Papp heescht Léonard. Also bei deem Poots Emile, do as eng Indikatioun op der Lëscht, déi mer nach méi genee ënnersiche mussen. Dann hu mer nach e Walter oder Wolter vu Flangen (eng onekannten Uertschaft). An dann hu mer e Läschtien, deen heescht Zimmer X. a soll vun lechternach sin.

Ech hu versicht durch Eliminatioun aus der Ongewësshheet erauszekommen. Eng éischt Konstatatioun: Op eis Fro vun 1985: "Que sont devenus les enrôlés de force desdits camps?"; geing ech, esou Leed et mer och deet, antwerten: «Mir si rose wéineg gewuer gin!» Eis héichgeschrauwten Erwaardunge konntien nët erfëllt gin. Déi äis elo viirleidend Lëschtie sin trotz där viller Arbecht an deem sellege gudder Wëll vun alle Bedeelegten mat Viirsicht ze genëssen. Et sin vill lirtërmer an Ongenauegkeeten dran enthalten. Datt as awer ganz besonnesch den Iwwersetzungen zouzeschriewen. Eemol vum Léitzbeuegessen, Däitschen oder Franséischen an dat Kuryllescht, dann elo vum Kurylleschen nees zereck an déi äis bekannte Schreiwweiss. Do

si Fehler einfach onvermeidbar. An da muss een och nach bedenken, dass all déi Russen, all déi Donnéen niddergeschriwwen hun, och alt keng Schrëftgeléiert waren.

Jo! Et kënnst ee soen: De Bierg huet eng Maus gebuer. Dat Ganzt huet vill Suën an Arbecht kascht an et as wéineg derbäi erauskomm. An dach as esou eng Beurdeelung e bësselchen ongerecht. Et gët, wann ee méi genee hi kuckt, och Positives ze verzechnen an dat sin:

1. Dir hut jo mat mir festgestallt, dass d'Relatiounen tëschend der Reginung an den enrôlés de force sech weesentlech gebessert hun. An dat as gutt esou. All deenen, déi äis gehollef hun, d'Häre Jean-Claude Juncker, Jacques Poss, Bloes, Guy De Muysen, Léon Bollendorf, Paul Dostert, René Rodesch an eng ganz Rëtsch vu Komeroden aus eise Reihen hu mat derzou bäigedroen, en absolut däischtert Kapitel vun der Zwangsrekrutéierung an e bësselche méi kloert Liicht ze setzen. Weider därfe och nët vergiessen dem russeschen Ambassadeur hei zu Lëtzebuerg en häerzleche Merci ze soen. Bei der ganzer Aktioun sin awer och nach e puer administrativ Resultater ze verzechnen.

2. Mir wëssen elo endlech eppes, wouriwwer 1974 laang a vill geschwat gi war, an zwar dass Lëtzebuerg a 232 Lager a Russland passéiert sin. Leider wësse mir nëmmen d'Nummeren, mä nët wat fir ee bestëmmten d'Lager domadde gemengt as an och nët wou et an dem groussen Russland loug. De Frënd Norbert Melchers huet sech ugebueden, weider Recherche mat ons ze maachen, fir datt iwwer dës Saach eppes an onsen Dokumentatiounscenter zu Hollerech op der Gare kënnst.

3. E Beispill: Op der Lëscht fanne mer de Metty Kramp vu Mënsbech. Dee war äis am Oktober 1945 als verstuerwe gemellt gin ouni genéen Doudesdag oder soss irgend eppes Konkretes. Elo wësse mer e bësselche méi. Hien as den 13. August 1945 gestuerwen an domadden hätte mer de Bewäis vu sengen Dout, esou datt d'Administratioun dat an hir offizell Pabeieren androe kann.

Ganz kuerz wëll ech jhust nach sträifen, wat mer och alt nët gefällt. Ech hu festgestallt, datt a ville Gemenge deen arrêté ministériel, dee séingerzäit de Jongen, déi am Krich hiert Liewe verluer hun, de Mort pour la Patrie zouerkannt guf, nët iwwerall befollegt gin as. Mir mussen intervenéieren, fir datt dësen arrêté à la lettre ausgefouert gët.

E weideren Erfolleg vun dëse Lëschten, as de Fait, dass dir mir esoulaang nogelauschtert hut an domadden ären doudege Komeroden är wert-

voll Zäit geaffert hut. Ech zéihen elo dee riesege Portal déisäit der Oder-Neisse Ligne ganz lues zou, a wënsche mat iech all deenen Dausenden, déi gefall an an der Gefaangenschaft gestuerwe sin, déi bis haut vermësst sin, d'Rou an der Éiwegkeet. All Éier an Unerkennung hiren onermiesslechen Affer!

Aus eiser Agenda

All Méndes owends um 18 Auer, no den Informatiounen an dem Manifestatiouns-kalenner op **RADIO DIDDELENG** 103,6 fm oder op der Gemeinschaftsantenn 100,3 éng Sendung iwert **Geschicht vun der Lëtzebuerg Jugend am 2te Weltkrieg – Diddeléng a schwéierer Zäit.**

Zu Diddeléng as eng Dauerausstellung **d'Enrôlés de Force vun 1940 bis haut.»**

Fir de Public as se op all Donneschdeg muerges vun 9.15 bis 11.15 Auer.

Sie kann awer och all Dag a Feierdag besicht gi vu Gruppen. Duerfir soll ee sech viirdrun umellen an zwar op engem vun den Telephonsnummeren: 511717/ 514389/ 5102 82.

Sonndeg, den 8. September 1996

Journée commémorative nationale vun den enrôlés de Force an der Stad.

Sondeg, 15. September 1996

Promenade surprise vun den Enrôlés de Force zu Stolzembuerg.

Sondeg, den, 13. Oktober 1996

Journée commémorative zu Jonglënster

Samschdeg, den 09. November 1995

Journée an Assemblée générale vun der Amicale des Anciens de Tambow.

7. Dezember 1996

Assemblée générale vun der Amicale des Enrôlés de Force Jonglënster an Emgéigend um 14.30 Auer zu Jonglënster.

Stierwesdag, den 26. Dezember 1995

Traditionnell Commémoratiounsfeier zu Diddeléng fir all gefaal, vermësst a no dem Krich verstuerwen Enrôlés de Force.